

	59^e séance	Présidence
	Jeudi 4 juillet 2002	M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président

Ordre du jour**1. Dépôt d'une proposition de loi****2. Projet de loi 4806 portant approbation**

- de l'Accord de partenariat entre les membres du Groupe des Etats d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et de la Communauté européenne et ses Etats membres, d'autre part,
- de l'Acte final
signés à Cotonou, le 23 juin 2000
- de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement et à la gestion des aides de la Communauté dans le cadre du Protocole financier de l'Accord de partenariat entre les Etats d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique et la Communauté européenne et ses Etats membres, signé à Cotonou (Bénin) le 23 juin 2000, et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième Partie du Traité CE et de l'annexe, signés à Bruxelles, le 18 septembre 2000
- de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en oeuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE et de l'annexe, signés à Bruxelles, le 18 septembre 2000

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

3. Projet de loi 4880 portant approbation de l'Amendement à l'Accord relatif à la conservation des chauves-souris en Europe du 4 décembre 1991, adopté à la troisième réunion des Parties à Bristol du 24 au 26 juillet 2000

(Rapport de la Commission de l'Environnement – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

4. Débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg – N° 4777

(Rapport de la Commission de l'Environnement – Discussion générale)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Michel Wolter et Charles Goerens, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Den Här Lucien Lux freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, ech wollt vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng

- *Proposition de loi 4979 relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail*

ze déposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Lucien Lux. Si gëtt un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4806, en Ofkommes tëschent der EU an den AKP-Länner.

Et si schonn ageschriwwen: den Här Wiseler, d'Mme Err, den Här Helminger, d'Mme Wagener an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

2. Projet de loi 4806 portant approbation

- **de l'Accord de partenariat entre les membres du Groupe des Etats d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et de la Communauté européenne et ses Etats membres, d'autre part**
- **de l'Acte final**
signés à Cotonou, le 23 juin 2000
- **de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des**

Etats membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement et à la gestion des aides de la Communauté dans le cadre du Protocole financier de l'Accord de partenariat entre les Etats d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique et de la Communauté européenne et ses Etats membres, signé à Cotonou (bénin) le 23 juin 2000, et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième Partie du Traité CE et de l'annexe, signés à Bruxelles, le 18 septembre 2000

- **de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en oeuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE et de l'annexe, signés à Bruxelles, le 18 septembre 2000**

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut hei virleien hunn, gesäit d' Ratifikatioun vun zwee Texter vir, déi mir méi geleefeg ënnert dem Numm „Accords de Cotonou“ kennen. Deen een Text erlaabt d' Ratifikatioun vum Accord de partenariat tëschent den AKP-Staten an der Europäescher Unioun, an deen aneren ass d' Ratifikatioun vun deem Accord interne ënnert de Membere vun der Europäescher Unioun, deen de Finanzement vum Accord de partenariat virgesäit.

Dës Accorde vun Cotonou sinn den 23. Juni 2000 ënnerschrifft ginn. Si erstrecke sech iwwert déi nächst 20 Joer an erlaben et, dass den histoiresche Partenariat, dee schonn op den Traité de Rome zrëckgräift, weidergefouert gëtt.

Mam Traité de Rome ass och de Fonds européen de développement geschafe ginn, an d' Suite dovun sinn d' Accorde vu Yaoundé vun 1963 an déi sukzessiv Konventiounen vu Lomé vun 1975 bis 1999.

Dëse Partenariat tëschent dem Norden an dem Süden ass eenzegaarteg doduerch, well e fir 71 Länner an deemnächst da fir 77 Länner gëllt.

Dës Accorden erlaben et also, en eenzegaartege Kooperationsmodell virunzeféieren, deen opgebaut ass

op enger Convention financière d'aide financière et technique an engem Programme indicatif national. Gläichzäiteg gesäit dee Modell awer och e privilegiéierte Régime commercial esou wéi eng generéis Aide financière vir.

Déi hëlt meeschtens d' Form vun Donen un, wann et ëm d' Entwécklungshëllef geet, oder fir déi Länner ze stäipen, déi mat dem Cours vun hire Matières premières ze kämpfen hunn.

Déi Hëllef huet sech an deene leschte 25 Joer verfënneffacht an huet an deene leschte fënnef Joer vun der Lomé-IVbis-Konventioun eng Zomm vu 15 Milliounen Euro ausgemaach, wat ¼ vun der gesamter, multi-lateraler Entwécklungshëllef ausmécht.

D' Accorde vu Cotonou, déi no véier Joer Verhandlungen ënnerschrifft gi sinn, si vun eminenter Wichtigkeet, och aus deem Grond, well d' Konventiounen vu Lomé incompatibel gi ware mat de Regele vum GATT an du spéiderhi mat deene vun der WTO.

Ausserdeem waren d' Préférences commerciales, déi den AKP-Staten zougesprach gi waren, diskriminatoresch an net réciroque an d' Protokollen, wat déi verschidde Produkter ubelaangt, waren och kontestéiert.

Déi kommerziell Virdeeler si mat der Zäit ëmmer méi kleng ginn. 2/3 vun den Exportatiounen aus den AKP-Staten a Richtung Europa hu scho keng Virdeeler méi par rapport zu de Produkter aus deenen aneren Entwécklungslänner.

Och huet misse Remedur geschafe ginn iwwert d' Schwächte vun der Entwécklungspolitik, déi an de Lomé-Konventiounen festgehale gi war. Däer Entwécklungspolitik huet et u Kohärenz gefeelt, well se keng richteg Prioritéiten definéiert huet an einfach net genuch realitéitsbezu war, wat zum Beispill d' Gestiouen vun den Affaires publiques an déi wirtschaftlech Problemer vun deene Länner ugeet.

Wat d' Aiden ubelaangt, esou waren nëmme 35 bis 40% vun den disponible Ressourcen opgebraucht ginn. Dat heescht, den aachte Fonds européen de Développement hätt nach 10 Milliarden Euro a senger Keess Rescht.

Wat de Commerce ubelaangt, esou kann een nëmme feststellen, dass d' AKP-State bis ewell de Laissé-pour-compte vun der Globalisatioun sinn. 80% vun de privaten Investissementen a Richtung Entwécklungslänner hu sech op zéng Länner begrenzt, wouvu keent zu deenen 71 Länner aus dem AKP-Raum zielt.

Et konnt een also nëmme feststellen, dass trotz allem gudde Wëllen Afrika nach ëmmer schlecht drun ass, mat nëmme 2% Bedeelegung um Weltmarkt. An 20 Joer ass d' Part de marché vun den AKP-Länner op dem europäesche Marché vu 6,7 op 2,7% gefall, woubäi gläichzäiteg déi vun den asiatesche Länner vu 4,2 op 13% geklommen ass.

Här President, d'Accorde vu Cotonou baséieren op véier Pilieren. Deem éischte läit eng intensiv politesch Debatt zu Grond, déi d'Fro vun der „bonne gouvernance“ behandelt.

D'Revalorisatioun vum Partenariat politique, d'Verstärke vum Dialog tëscht de Partner an eng nei Approche, wat d'Konditioun vum Partenariat ubelaangt, si kloer definéiert am Text, deen eis hei virläit.

Och ass eng Clause de non-exécution virgesinn, déi d'Kooperatioun ophiewe soll am Fall, wou d'Mënscherechter verletzt ginn, oder d'Prinzipie vum Rechtsstat. Nach muss ee gesinn, wéi wäit dat realisierbar ass.

Zu där Iwwerleeung gehéieren och déi Mesuren, déi am Fall vu Korruptioun festgallt ginn.

Weiderhin ass och eng Kooperatioun, wat d'Migratioun ubelaangt, mat enger Clause de réadmission, am Text verankert ginn. Och muss sech an der Praxis weisen, wéi wäit dat duerchféierbar ass.

Den zweete Pilier gesäit vir, dass kloer Prioritéiten definéiert ginn, wat d'Entwécklungshëllef ubelaangt, an eng Kooperatioun mat net-staatlechen Acteuren ugestrief gëtt.

Esou ass als zentraalt Zil d'Reduktioun vun der Aarmutt definéiert ginn. Fir dat ze erreechen, sollen déi wirtschaftlech Entwécklung, déi sozial Entwécklung an déi regional Kooperatioun an Integratioun vun deene Länner ënnerstëtzt ginn. Dobäi kommen dann nach dräi Domänen, déi een als transversal bezeeche kann. Dat ass d'Egalité hommes/femmes, d'Gestion durable de l'environnement an och den Opbau vun institutionelle Strukturen.

Den drëtten Pilier sträicht sech duerch deen neie Partenariat um kommerzielle Plang ervir, deen de Regele vun der WTO gerecht gëtt. Et geet drëm, d'AKP-Zon a regional Ënnergruppéierungen opzedeelen, déi an Zollunionen organiséiert ginn. Déi Zollunionen ënnerschreiwe mat der Europäescher Unioun an enger éischter Etapp bis d'Joer 2008 Accorden, an da soll an deenen zwielef Joer, déi duerno kommen, e System, deen e „libre échange“ erlaabt, geschafe ginn.

De véierten a leschte Pilier betrëfft déi finanziell Participatioun vun der Unioun. 15,2 Milliarden Euro si virgesinn, fir d'Period vun 2000 bis 2005, wou den néngte Fonds de Développement européen 13,5 Milliarden Euro ausmécht an nach 1,7 Milliarden Euro vun der Banque européenne d'Investissement dobäigeschloe ginn. Dozou gehéiert awer net de Relikat vun deene leschte Fonds européens de Développement, wat jo nach erëm eng Kéier ronn 10 Milliarden Euro ausmécht.

D'Vereinfachung vun de finanziellen Instrumenter op dräi an d'Reform vum Fonds européen de Développement sinn effektiv net vu Muttwëll, fir déi Zommen do ze géréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et war an der Vergaangenheet sécher net alles perfekt, a viles hätt ee kënne besser maachen. Dat huet ee jo och elo probéiert mat deenen neien Accorden.

Et bleift, dass et sech hei ëm eng eenzegaarteg Kooperatioun tëscht dem Norden an dem Süden handelt. Si ass de Bewäis fir eis Frëndschaft a besonnescher Solidaritéit mat den AKP-Staten. Ech géif dofir och d'Chamber bidden, dësem Projet zoustëmmen.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren hei nom Basismodell e Projet, mat deem Lëtzebuerg den Accord vu Cotonou guttheescht. Dësen Accord ersetzt déi al Konventioun vu Lomé, déi hirersäits déi vu Yaoundé ersat hunn.

Zënter de 70er Jore stinn d'Nimm vun den Haaptstied vun dräi afrikanesche State fir Kooperatiounsaccorden, deenen hir Finanzenveloppe am Verlaf vun der Zäit stänneg gewuess ass.

Fir den éischten Accord vu Cotonou sti ronn 15 Milliarden Euro bereet. Dat ass 2,5-mol de Statsbudget vu Lëtzebuerg. An et ass virun allem wéinst dem Volume vun där Finanzenveloppe, déi wuel fir fënnef Joer wäert gutt sinn, wou ech op de Basismodell virdu verweisen hunn. De Choix vum Modell, mat där hei e Projet behandelt gëtt, entsprécht sécherlech dem Volume vun den Désaccorden, déi nach hei am Haus bestinn. Dee Volume ass wahrscheinlech geréng, mä sécher entsprécht en net der Wichtigkeet vum Projet.

De Rapporteur huet wäitgehend scho gesot, ëm wat et an dësem Accord geet. Hie bënnt op eng ganz strukturell a kooperatiounspolitesch déif gräifend Manéier iwwer 70 Staten aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik un d'Europäesch Unioun.

Am Pazifik sinn zënter der leschter Konventioun vu Lomé nach véier State bäikomm, dorënner zwee, déi iwwer weëneg eege Ressourcë verfügen. Dovun huet iwwer 70 Joer awer net de Relikat vun deene leschte Fonds européens de Développement, wat jo nach erëm eng Kéier ronn 10 Milliarden Euro ausmécht.

Et gëtt sécherlech ganz viles zu deem Accord ze soen. Zum Beispill, datt den Accord vu Cotonou géintwärtig vu senger Virgänger e vill méi politesch, e vill méi strukturell Instrument ass. Déi politesch Dimension, déi sech an engem kloer Bekenntnis zur Rechtsstaatlechkeet, zu „good governments“, zur Wierdegung vun der Roll vun der Fra an zu der Korruptiounsbekämpfung äussert, ass den Ausdrock vun enger qualitativer Verdéi-

wung vun eiser Relatioun mat den AKP-Staten. Si ginn elo méi Partner wéi Hëllefsemfänger, a genee déi nei Konzeptioun vun eiser Relatioun mat hinnen ass et, déi kann dofir suergen, dass si och an hirer eegener Verantwortung fir d'Verwende vun den europäesche Gelder a fir e politeschen a wirtschaftleche System gefuerdert a gestärkt ginn.

Da muss een zu deem Accord vu Cotonou soen, dass sän Haaptzil d'Reduktioun vun der Aarmutt ass. Och dëst ass e strukturellt Uleies. Wann een op ville Plazen an Entwécklungslänner pléischtert, verschwénnt domat net an engems d'Aarmutt vun de Leit a vum Land. Dofir brauch ee global a gläichzäitig landesspezifesch Approchen, wéi se vum neien Accord virgesi sinn a wéi se sollen op Dauer – den Accord leeft iwwer 20 Joer – jee-weils e spierbaren a sichtbare Beitrag zu der Reduktioun vun der Aarmutt leeschten.

D'Approche vum Accord vu Cotonou ass eng aner wéi déi vun der Konventioun vu Lomé. Dat gesäit een och un der Zilsetzung. D'AKP-State solle progressiv mat hiren eegene Ressourcen a wirtschaftlecher Leeschtung an de Weltwirtschaftssystem agebonne ginn an e fräien Accès zu de Mäert kréien. Dëst gëllt natierlech nëmme graduell an ass och esou virgesinn.

Schliesslech gëtt d'Allocatioun vu Mëttel aus deem Accord un eng participativ Approche vun den Empfängerstaten, un d'Abanne vun hirer Gesellschaft an hiren Entwécklungseffort gekoppelt, an de Privatsektor och duerch d'Déblockéiere vu Risikokapital gestäipt.

Also, eng weider Neierung par rapport zu Lomé, déi esou Usätz nëmme ganz vereenzelt kannt huet.

Här President, aus dëse Grënn an aus villen aneren, op déi ech net weider kann agoen, stëmmt meng Fraktioun selbstverständlech deem ganz wichtege Accord vu Cotonou zou, an ech wëll et net verpassen, dem Rapporteur fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport villmools merci ze soen.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Mme Lydie Err agedroen. D'Mme Err huet d'Wuert.

Mme Lydie Err (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deem Accord de partenariat vu Cotonou schreift sech ganz gutt an den Ordre du jour vun haut an. En hätt eigentlech ganz gutt bei déi Debatt vun haut de Mëtteg gepasst, well am wäite Sënn vum Wuert ass dat hei sécherlech och en Element vum Développement durable.

Bedauerlech fannen ech perséinlech, dass mer am Fong an der Phase parlementaire vun deem Projet ganz wéineg Zäit haten, fir heiobber anzegoen. Ech froe mech, ob de Wonschkalenner vum Minister, dee gäre gehat hätt, dass den Accord nach soll virun der Summervakanz hei ofgestëmmt ginn, fir dass d'Regierung e ka ratifizéieren, et derwäert war, fir et esou schnell ze

maachen, dass et praktesch keng Plafonge fir Diskussiounen gëtt.

Dee Rapport ass, nodeem en an der schrëftlecher Form virlouch, nach just ofgestëmmt ginn. Et wier eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir mat den ONGen a Kontakt ze kommen an e bësse méi genee eranzekucken an d'Dispositiounen vun deem Vertrag. Et wier en Op-hänker gewiescht fir eng Diskussioun no baussen am Fong, dass ee kënnt soen, eng Action de sensibilisation vum Parlament. Dat ass eng Chance, déi verpasst ginn ass, obschonn et vu vireran evident war, dass all Fraktioun dësen Accord géif stëmmen, besonnesch dann, wann ee weess, wéi laang et gebraucht huet, fir déi verschidde 77 AKP-Länner an déi europäesch Länner op e gemeinsamen Nenner ze bréngen.

Et ass also och an där Hinsicht, wat d'parlamentaresch Phas ubelaangt, eng Geschicht vun enger verpasstener Chance.

Den Accord vu Cotonou läit an enger logescher Suite vun der europäescher Zesummenaarbecht mat Entwécklungslänner an Afrika, an der Karibik an am Pazifik, déi 1975 mat der Konventioun vu Yaoundé ugaangen ass, an duerch méi Konventiounen vu Lomé ofgeléist ginn ass.

Haut sinn et 77 Länner op där enger Säit an et ass also eng Expansion géographique. Mä et ass u sech net dat, wat wichteg ass, mä déi méi breet inhaltlech Basis vun dësen Accorden.

Dës Accorde vu Cotonou stellen iergendwéi en Acquis vun den Accorde vu Lomé duer a si si valabel fir 20 Joer, mat enger Clause de révision fir all fënnef Joer.

D'Ënnerschrëft an och d'Existenz vun deem Accord war vu vireran alles manner wéi kloer, obschonn d'Entwécklungslänner vu vireran hiren Interesse gewisen haten, fir déi Zesummenaarbecht mat der EU weiderzeféieren. Et ass gewënscht ginn, fir de Sënn vun dësen Accorden ze änneren, deem engersäits d'Spécificitéit vun der Relatioun vun der EU mat den AKP-Länner bäibehale soll, anerersäits awer muss dës privilegiéiert Relatiounen den Exigence vun der heiteger Welt upassen. Wien e bësse dovunner versteet, dee weess, dass dat bal eppes ass wéi d'Quadrature du cercle.

Jiddefalls ass probéiert ginn hei, dee véiereckege Krees hei zouzemaachen. D'Ënnerschrëfte vun alle Länner sinn do. Et ass sécherlech och ze begrëssen, dass Lëtzebuerg net dat lescht vun de Länner ass, wat ratifizéiert, och wann dat gewëssen Désavantages huet, déi ech elo grad ugeschnidden hunn.

Et ass kloer, dass d'Haaptzil vun dësen Accorden d'Reduktioun vun der Aarmutt an der Entwécklungswelt soll bleiwen. Am Fong sollen déi Instrumenter ugepasst ginn un déi progressiv Liberalisatioun vun de kommerziellen Echangingen.

Et stellt ee fest, dass déi europäesch Interessen op der internationaler Bühn sech verännert hunn an dass Afrika en zweeträngege Kontinent ginn ass, zënter dass et déi Zesummenaarbecht zwëschent Europa mat hinne gëtt.

Ënnert deenen zéng éischten Empfänger vun europäescher Hëllef ass beispillsweis keen AKP-Land ze fannen, an dat ass du moins, mengen ech, Här Minister, erstaunlech. Vlächcht misst ee bei eise Pays cibles kucken, ob et net méiglech wier, een oder deen anere vun deenen AKP-Länner an eis privilégiiert Destinataires-länner eranzekréien.

Déi Onlogik ass iergendwéi bezeichnend fir déi Relatiounen, a schued ass et och, dass keng wierklech Evaluatioun gemaach ginn ass vun der Konventioun vu Lomé, ier am Fong déi nei Konventioun ofgeschloss ginn ass an elo hei soll acceptéiert gi fir d' Ratificatioun.

Trotzdeem ginn déiselwecht Grondlage benotzt fir den neien Accord. Dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob d'Ofkommes vu Cotonou fäeg ass, eng Dynamik vun nohalteger Entwécklung, an do si mer jo ganz am Trend vum Dag, ervirzeruffen, wann et net zu enger Neidefinitioun vun enger méi gerechter Wirtschaftsuerdnung kënnt, an där d'Entwécklungslänner endlech Rechter kréien.

Et muss een agestoen, dass déi strukturell Grënn fir dee relativen Echec vun deene Konventiounen virdrun nach ëmmer present sinn. Dat heescht, d'Laascht vun der Schold fir d'Entwécklungslänner, déi de Budget vun den AKP-Länner an hir Méiglechkeeten, fir an eng nohalteger Entwécklung ze investéieren, staark reduzéieren, awer och eng inkoherent EU-Politik, wéi zum Beispill, dass Europa parallel zu senger Entwécklungspolitik net nëmmen déi eegen Agrarprodukter subventionéiert, a wou d'Iwwerschëss an d'Entwécklungslänner exportéiert ginn, wou si de lokale Maart ruinéieren, awer och zum Beispill déi industriell Fëschfaangschëffer an d'Direktorgewässer vun den AKP-Länner gewäerde léisst, wat natierlech Versuergungsméiglechkeete vum Mier fir déi Länner, déi dobäileien, staark erofsetzt.

Dat ass eng Onlogik, déi ass inherent. Déi huet elo näischt mam Accord selwer ze dinn, mä déi huet eppes ze di mat der Natur vun de Relatiounen, déi einfach ongläicher Natur sinn an déi am Fong net méiglech war auszugläichen iwwert d'Dispositiounen vum Ofkommes.

Mä d'Ofkommes vu Cotonou huet och positiv Aspekter, déi ee bewosst muss ausnotzen. Déi politesch an och déi handelspolitesch Dimensioun huet ganz vill u Bedeitung gewonnen. D'Verdeedegung vun de Mënscherechter an d'Uwendung vun demokrateschen a rechtsstaatleche Prinzipie fir eng verantwortlech Statsféierung, déi sou genannte Bonne gouvernance, si ganz wichteg Vertragsinhalte a wäerten nei Handlungsméiglechkeete schafen.

D'Verletzung vum dësem Prinzipie kënne mat Sanktiounen bestrooft ginn. E weidere Punkt ass och ganz wichteg: Am Accord gëtt fir d'éischt ganz kloer de Kampf géint d'Korruptioun erwähnt an eventuell esouguer nach eng Suspensioun vum Accord virgesi fir de Fall, wou se gi wier.

Et ass also esou, dass an dëser Konventioun par rapport zu deene virdrun ee sou genannten Acquis démocratique erakomm ass, deen een natierlech nëmme begrësse kann.

D'Unerkennung vun der Zivilgesellschaft ass eng aner bedeitend Erneuerung. D'Vertrieder müssen am Virfeld am Dialog iwwert d'Entwécklungsmoossnamen a Strategie bedeelegt sinn an an d'Ëmsetzung vun de Projekte méi abezu ginn. Dofir heescht jo och ganz bezeichnenderweis dësen Accord „Accord de partenariat de Cotonou“ par rapport zu deene virechten. Och dat ass menger Meinung no e symbolträchteg an et kann een nëmmen hoffen, dass déi och Uwendung an der Praxis fannen.

Wéi gesot, d'Aarmuttsbekämpfung bleift déi Haaptprioritéit. D'Mëttelen, fir virzegoen, sinn e wéineg geännert ginn. D'Moyenne vum Fait si résuméiert a vereinfacht ginn. D'Virriedner hunn et scho gesot, de Paquet fir déi nächst fënnef Joer sinn 13,5 plus 1,7 Milliarden, ouni d'Reliquate vun deene virdrun. Et sinn also Suen do. Wa se kënne gutt agesat ginn, ass et sécherlech, dass et misst kënnen zu Progrès komme par rapport zu där Situatioun virdrun.

De politeschen Dialog gëtt ageschriwwen an d'Verpflichtung, sech der Friddensconsolidéierung an der Konfliktspreventioun ze beméien. Och dat ass richtig a wichteg, wa mer et fäerdeg bréngen, dass dat, wat schéin um Pabeier ausgesäit, och méiglecherweis an d'Praxis kann ëmgesat ginn.

All dat si sécherlech gutt Instrumenter fir eng Zesummenaarbecht, awer nach laang net, an dat muss mer eis bewosst sinn, eng Garantie fir de Succès, wa mir als Partner vun dësem Vertrag net eisen eegene Kär zu dëser Saach bäidroen.

E puer Stéchwierder a puncto politeschen Dialog wëll ech hei just ernimmen: Simbabwe, Sudan, Sierra Leone, Liberia etc.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Mme Err, Dir hutt Är Zäit scho bal duebel iwwerschratt.

Mme Lydie Err (LSAP). - Ma jo, Här President, wann dat esou ass, da soen ech nach just ee Saz iwwert d'Asyl- an d'Immigratiounspolitik.

M. le Président.- Neen. Et gëtt ëmmer hei reklaméiert, et soll jiddferee sech un d'Zäit halen. Ech sinn net klenglech, ech mengen, ech hunn e puer Minutte bäi ginn. Kommt elo zum Schluss.

Mme Lydie Err (LSAP).- Gitt Der mer nach ee Saz?

M. le Président.- Jo.

Mme Lydie Err (LSAP).- No der Diskussioun zu Sevilla iwwert d'Asyl- an d'Immigratiounspolitik, mengen ech, ass et awer wichteg, fir hei zum Schluss ee Wuert vun der Noutwendegkeet vun enger Politik vu Koentwécklung vun enger neier Partnerschaft mat den Herkunftslänner ze begräifen op eng fair an transparent Aart a Weis, an da wësse mer, dass mer net nëmmen an eiser Entwécklungspolitik, mä och an eiser Immigratiouns- an Integratiounspolitik gefuerdert sinn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Paul Helminger agedroen. D'Wuert huet den Här Helminger.

M. Paul Helminger (DP).- Här President, och ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Kollege Emile Calmes, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport merci soen.

Déi Accorden, déi mer haut solle ratifizéieren, solle jo eng Rei vu Prioritéiten nei definéieren a verstärken. Den Akzent gëtt op d'Preventioun vu Krisen a Konflikter geluegt, fir ze vermeiden, datt et zu enger Situatioun iwwerhaapt kënnt, déi eng Suspension unilatérale vun der Kooperatioun géng mat sech bréngen.

Och kritt d'Entwécklungshëllef eng nei Dynamik, andeem déi verschidde wirtschaftlech Acteure méi staark, wéi dat bis ewell de Fall war, mat abezu ginn. De Privatsektor kritt méi eng grouss Roll zougesprach a seng Entwécklung gëtt kloer als ee vun de Moyenen ugesinn, fir géint d'Aarmutt unzekämpfen.

De Partenariat gëtt opgemaach fir d'Acteuren aus der Société civile, wat een nëmme begrësse kann.

Weiderhi wäerten déi nei Mechanismen, déi elo virgesi sinn, fir d'Entwécklungsprogrammer ze évaluéieren, dozou bäidroen, dass et net méi zu sou Reliquater wéi déi ronn zéng Milliarde vum aachte Fonds européen de développement kënnt.

Tatsächlech ass et jo esou, datt d'Entwécklungshëllef net nëmmen eng Saach vu Moyenen ass. D'Effikassitéit ass och e wichtige Facteur. D'Fonge gi meeschtens net all opgebraucht, well d'Länner, déi op se zrëckgräifen, oft net déi strukturell a logistesche Moyenen hunn, fir alleguerten d'Projeten ëmzesetzen, déi se realiséiere wollten.

Och wëll ech ënnersträichen, datt d'Obligation d'information iwwert d'Ëmsetze vun der Entwécklungshëllef genau esou wéi déi onofhängeg Evaluatioun vun de finanziellen Operatiounen, déi elo virgesi sinn, aus Grënn vun der Transparenz, mä awer och a ganz besonnesch aus Grënn vun der Crédibilitéit, wat d'Entwécklungspolitik ubelaangt, ze begrësse sinn.

De Kollege Calmes huet um Enn vu sengem mëndlechen Rapport vu Solidaritéit vis-à-vis vun den AKP-State

geschwat, zu deenen effektiv déi ärmste vun deenen ärmsten op dëser Welt gehéieren.

Schonn a menger Ried zu der Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik vun der Mme Polfer hunn ech vun der eenzeger Globalisatioun geschwat, déi de belsche Premier Guy Verhofstadt opgeworf huet. Ech hunn deemools och d'Mme Ausseminister zitéiert, déi an hirer Deklaratioun, och mat dem Bléck op de leschten 11. September, gesot huet: „Il nous faudra nous attaquer de façon parallèle à l'élimination des causes profondes des frustrations, des ressentiments et des injustices qui nourrissent les diverses formes de terrorisme.“

Meng Analys war folgend: „D'Léisung muss effektiv doranner bestoen, datt et zu enger méi gerechter Ëmverdeelung vun de Räichtümer op dëser Welt kënnt.“ Et muss ee jo och soen, dass d'Konferenz vun Doha schonn do en éischte Schrëtt an déi Richtung gemaach huet a bewisen huet, datt d'international Gesellschaft sech bewusst ass, datt Drëttwëltlänner an déi ärmste vun deenen ärmsten och vun den Effets bénéfiques vun der Mondialisatioun profitéiere mussen.

Här President, et besteet a mengen Ae keen Zweifel, datt d'Accorde vu Cotonou e wichtige Beitrag leeschten, fir dass et zu enger méi gerechter Ëmverdeelung vun de Räichtümer kënnt. Dat gesot bréngen ech heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, deen neie Vertrag tëschent der EU an den AKP-Staten ass en Accord cadre. Ënnerhalb vun deem Kader si bis 2007 weider Economic Partnership Agreements, oder och kuerz EPA, virgesinn, déi nach mussen ausgehandelt ginn.

Dës EPAe gesinn déi progressiv Aféierung vu Fräihandelsverkommen mat eenzelnen AKP-State vir. Nom Akraaftriiede vun deenen EPAe soll et dann eng Iwwergangszäit gi bis zu zwielef Joer, ier dass eng vollstänneg Handelsliberaliséierung muss verwierklecht sinn.

Bei den Diskussiounen ronderëm dësen Accord gouf op d'Conformitéit zu bestehende WTO-Regele Wäert geluegt an d'Fro no der Entwécklung vum Süden ass staark verdrängt ginn. Well wat notzt eng Schounfrist vun zwielef Joer deene Länner, wann elo schonn ersichtlech ass, datt vill Wirtschaftszweiger vum Süden och an 20 Joer der Konkurrenz vum Norden oder och vun eenzelne Länner vum Süden net gewuess sinn.

Dat gëllt besonnesch fir d'afrikanesch Landwirtschaft, Réckgrat vu ville westafrikanesche Länner, déi zwar 70% vun der Bevëlkerung beschäftegt an och e

groussen Deel ernährt, mä net ka mat der internationaler Konkurrenz konkurréieren.

Ech wëllt do och en afrikaneschen Expär zitéieren, dee seet: „Wir dürfen zollfrei Computer, Sportwagen und Atomanlagen ausführen. Das Problem ist nur, dass wir diese Dinge nicht produzieren. Wir sind auch ganz ergriffen, dass wir Sorgum und Maniok nach Europa exportieren dürfen. Dummerweise wollen die europäischen Verbraucher diese Erzeugnisse nicht haben. Was wir nach Europa exportieren könnten, wäre Obst und Frühgemüse, und genau für diese Produkte gibt es Mengenbeschränkungen.“

Ee Fortschrétt, Här President, vun deem heiten Ofkommes ass d'Festleeung vun enger méi staarker Bedeelegung vun der Zivilgesellschaft, souwuel am Süde wéi och am Norden, an alle Phase vun der Zesummenaarbecht. D'AKP-State selwer stinn awer dësen zivilgesellschaftlechen Acteuren, besonnesch an hire Länner, éischer skeptesch géinteniwwer, well se och de Verloscht vun hirer nationaler Entscheidungssouveränitéit hei fäerten.

Do schéngt et eis awer och kloer ze sinn, dass d'AKP-State müssen ëmdenken a während der Ëmsetzung vum Ofkommes d'Matbestëmmung vun de Biergerinnen a Bierger, vun den ONGen, vun de Gewerkschaften oder Fraerechtsorganisatiounen, oder och vun de klengen a mëttleren Entreprises an hire Verbänn musse sécherstellen.

Zum Ofschloss wëll ech just nach eng Kéier widderhuelen, dass dat neit Ofkommes dem herrschende neoliberalen Zäitgeescht entsprécht an datt d'Aufgab vun de kommende Joren ass, fir där Verknäppung vu Fräihandel a politescher Conditionnéierung zum Trotz am Intérêt vun de Länner vum Süden eng wierklech entwécklungspolitesch Wierkung vun deem neien Accord ze garantéieren.

Well mir déi Skepsis par rapport zu deem Ofkommes mat villen ONGen deelen, wäerte mer eis och beim Vote zum Projet de loi hei enthalten.

M. le Président.- Den Här Serge Urbany ass als leschten Diskussiounsriedner agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- De Schwäizer Sozialist a Soziolog Jean Ziegler huet folgende Saz an engem Buch iwwert d'drëtt Welt geschriwwen: „L'Afrique aujourd'hui s'éloigne comme un radeau dans la nuit vers un destin de nouvelle et radicale solitude.“

Här President, ech hu staark Zweifel drun, dass déi Partnerschaft, déi hei an deem Titel vun där Konvention steet, och wierklech eng gläichberechtigt Partnerschaft ass.

De Wandel vum Lomé-Vertrag zum elo virleiende Cotonou-Ofkommes ass, niewent e puer positive

Punkten, de Wandel zu engem Liberaliséierungsvertrag, dee ganz wesentlech vun den Interesse vun Europa bestëmmt gëtt.

Den Haaptakzent gëtt op déi privat Wirtschaft geluegt. D'Conformitéit mat der Organisation mondiale du commerce, OMC, ass d'Grundvoraussetzung vun deem Vertrag.

An engem Projet de résolution vum Europaparlament gëtt dës Entwécklung folgendermoosse kritiséiert: „L'expérience montre que dans leur ensemble, les pays ACP n'ont guère tiré profit de la libéralisation des échanges. L'Afrique subsaharienne, mais aussi d'autres pays du sud ont globalement été marginalisés.“

Doriwwer eraus ass an de Bestëmmunge vun deem Vertrag, also och wuel als eng Bedingung fir d'Erfüllung vun deem Vertrag, d'Bereitschaft vun den ACP-Länner geschriwwen ginn, déi Flüchtlingen, déi aus Europa ausgewise ginn, zrëckzehuelen. Dobäi hat ech gemengt, zu Sevilla wier dee Prinzip ofgelehnt ginn.

Wann ech trotzdeem net géint dee Vertrag stëmmen, mä mech enthalten, dann ass et, well fir eis d'Partnerschaft mat deene Länner entscheidend wichteg ass, an och well et gëllt, aus eiser Siicht, fir d'Zukunft mat besseren Inhalter op deem Vertrag opzebauen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Minister fir Entwécklungshëllef, den Här Charles Goerens.

M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bedauern och, datt mer net méi Zäit hunn, fir iwwert dësen Accord ze schwätzen. En ass allerdéngs schonn den 23. Juni 2000 ënnerschriwwen ginn zu Cotonou. En ass säithier bekannt. D'Chamber hätt, wa se gewollt hätt, kënnen Hearinge féieren. Et sinn der dobaussen an der Société civile driwwer gefouert ginn. Et kann een der och nach duerno féieren, well souwisou d'Chamber hätt kee Komma méi kënnen änneren un deem Dokument, wat eis virläit. Et ass een Dokument, wat an deenen nächsten 20 Joer Gültigkeit huet, wann et ratifizéiert ass.

Firwat datt mer et haut ratifizéieren? Ech sinn Demandeure gewiescht, fir et nach virun der Vakanz ze ratifizéieren, well ech wëll net hunn, datt Lëtzebuerg dat lescht Land ass, wat d'Dokument ratifizéiert. Dir wësst, datt déi 15 Länner an der Europäescher Unioun müssen d' Ratifikatiounsprozedur hanneru sech hunn, soss kann den Accord net a Kraaft trieden a soss kënnen aus dem néngten Fonds européen de développement keng Suen erausgeholl ginn.

Dat wëllt net heeschen, datt déi Suen, déi am achten, siwenten an am sechsten Fonds européen de développement virgesi waren, an déi nach net beansprucht goufen, kënnen als Ersatz gëllen oder als virgestreckten

Zommen, fir den néngte Fonds européen de développement ze finanzéieren. Esou geet et net. Dat si Reliquaten, déi kënnen eréischt dann deenen eenzelne Länner attribuëiert ginn, wann d'Prozeduren alleguer an der Rei sinn.

Ech wëll de Membere vun der Kommissioun vun den Affaires étrangères merci soen, datt se mer d'Geleeënheet ginn haten, fir mat hinnen en Dialog ze féieren iwwert dës Konventioun. Ech wëll hinne merci soe fir déi Bäitrag an enger Diskussioun, déi allerdéngs méi wäit konnt goen, wéi se haut an der Chamber gaang ass, a virun allem dem Rapporteur, deen d'Synthèse gemaach huet vun den Aarbechte vun der Commission des Affaires étrangères.

Et ass drun erënnert ginn, datt mer d'Dimension politique, d'Stratégie de développement wëlle stäerken an d'Coopération économique et commerciale wëlle weiderbréngen an dësem Accord. Ech hu Leit héieren, déi sech enthalten, a Leit, déi dofir stëmmen. Et fënnt een e puer Grënn, fir sech ze enthalten, mä et fënnt ee méi Grënn, fir dofir ze stëmmen. Ech sinn allerdéngs frou, datt keen hei am Haus gesot huet, hie géif géint den Accord stëmmen.

Ech deelen en Deel vun der Skepsis, déi hei ausgedréckt ginn ass an déi doranner besteet, datt ee sech Froe stellt, wéi den Accord dann elo effektiv sech ka realiséieren. Ech deelen déi Analysen, datt mer eng onzefriddestellend Situatioun hu vun den AKP-Staten. Ech deelen d'Analys, datt Afrika net ganz gutt ewechkënnt. D'Mme Err huet op déi onzefriddestellend Behandlung vun enger Partie AKP-Staten higewisen.

Den Débat hei placéiert sech wuel an den Développement durable. E placéiert sech an d'Globalisatioun. D'Grondfro, ronderëm déi sech de ganzen Débat dréint, dat ass déi: Wat fir eng Regele musse mer eis ginn, fir datt d'Globalisatioun net ze vill Leit op der Streck léisst? Zwou Milliarden Leit, déi keen Accès zum Stroum hunn, dat sinn zwou Milliarden Leit, déi emol d'office vun der Globalisatioun ausgeschloss sinn. 1,5 Milliard Leit, déi keen Accès zu propperem Waasser hunn, dat ass gläichgesat mat 1,5 Milliard Leit, déi keng Chance hunn, fir op tant soit peu akzeptabel gesondheetlech Standarden ze kommen.

Esou gesinn, sinn all déi Instrumenter, déi mer kënnen a Bewegung setzen, fir d'Lous vun deene Leit ze verbessern, wëllkomm. Den Accord de Cotonou – ech hunn et an deene verschiddenen öffentliche Stellungnahmen, déi ech konnt driwwer ofginn, ëmmer erëm widderholl – ass eng Coquille vide, à moins, datt et eis geléngt, fir där eiderer Muschel konkreten Inhalt ze ginn.

Duerfir ass dee ganzen Accord, ouni kënnen eng Garantie ze liwweren, en Appel un d'Bewegung; en Appel un d'Bewegung vun de Länner an der Europäescher Unioun;

en Appel un d'Bewegung och vun den AKP-Staten, déi am Partenariat un hir Responsabilitéit erënnert ginn an duerfir déi wichteg Mentiounen op d'bonne gouvernance, op d'Droits de l'homme, op - an do deelen ech voll a ganz dat, wat vu menger Virriednerin gesot ginn ass – d'Implicatioun vun der Société civile an deene Länner selwer, well nëmmen esou kann een de Partenariat definéieren, wann d'Acteuren, souwuel op där enger Säit wéi op där anerer Säit, och de Secteur privé a virun allem d'Société civile implizéieren.

Ech deelen een Deel vun der Skepsis, deen iwwert déi handelspolitesch Potentialitéiten, déi hei an deem Accord dra sinn, ausgesprach gouf. Et kann een effektiv net en présence Länner setzen, déi esou grouss Ecarts de productivité hunn, datt se a gewëssene Fäll heiansdo vun 1 bis 500, souguer vun 1 bis 1.000 variéieren. Dat geet net, an duerfir muss ee Suerg duerfir droen, datt déi Virbereedungsphasen, déi Iwwergangszäiten, déi Adaptatiounszäiten, déi d'Länner brauchen, fir sech op eng progressiv a graduell Öffnung vun de Mäert virzubereeden, datt se déi kënnen voll a ganz notzen, fir sech duerchzusetzen.

Ech wëll awer nach zum Schluss soen, Här President, – well ech nëmme fënnf Minutten hunn an ech mengen, déi si scho bal beansprucht –, datt dat Ganz keng Fatalitéit ass. Et soll een elo net all Echec, dee mer an Zukunft an der Entwécklungspolitik erlieden, der Konventioun vu Cotonou attribuëieren. De fairen Handel, deen zum Beispill dem Konsument d'Méiglechkeet gëtt, an Europa Produkten, déi aus Zillänner, aus Kooperationslänner oder aus Partneriatslänner hierkommen, ze privilegiéieren, ass de Beweis, datt dat Ganz keng Fatalitéit ass.

D'Méiglechkeet, fir sech méi ze implizéieren, souwuel bilateral, wéi multilateral, wéi um Niveau vun den ONGen, gi mir eis als Land selwer, well mer wëlle progressiv op ee Prozent öffentlech Zouwendunge par rapport zum Produit intérieur brut kommen. D'Zäite sinn nun emol dat, wat se sinn. Ech weess och, Här President, datt et keng Zukunft gëtt fir Länner, déi hir Entwécklung an enger gewëssener Autarcie gesinn. Dat geet net. Déi ganz Welt leeft vun Echanges, a fir datt een un e Minimum vu Moyenen erukënnt, fir d'Liewen liewenswäert ze maachen, och an Entwécklungslänner, muss een d'Ouverture praktizéieren. Eng Ouverture, déi allerdéngs d'Rapporten esou gestalt, datt mir op der Säit vun deene Schwaache musse stoen an hinnen d'Moyene ginn, datt se kënnen an enger wuelverstänener Stratégie de lutte contre la pauvreté hire Wee sichen.

Eng Stratégie de lutte contre la pauvreté, déi ëmsou méi Chancen huet, wéi d'Gouvernance an den Empfängerlänner selwer verbessert gëtt an déi d'Demokratie, d'Regele vum Rechtsstat, net zu engem eidele Buchstaf verkomme léisst. Dat ass éischer gesot wéi gemaach, an

duerfir hu mir an eiser allgemenger Approche déi doten Dimensiounen an eisem Dialogue politique ëmmer erëm privilegiéiert.

Dat Allerlescht, wat ech wollt soen, Här President, ech bedauere ganz staark, datt de Conseil du Développement an der Europäescher Unioun ofgeschaaft ginn ass. Ech weess nach net, wéi e richteg ersat gëtt. Ech weess just, datt d'Développementspolitik elo an Zukunft am Conseil des Affaires générales Agank fënnt. Ech bedauern dat, well domat geet d'Spezifisitéit vun der europäescher Entwécklungspolitik zum Deel fleeten - hat ech elo bal gesot. Ech hat gëschter mäi portugisesche Kolleg op Besuch a mir sinn amgaang, eis Gedanken ze maachen, wéi mer eng Alternativ kënnen zur bestehender Situatioun entwéckelen, a kucken, wéi mer kënnen déi eenzel Responsabel an deene 15 Länner vun der Europäescher Unioun esou implizéieren, datt d'Spezifisitéit vun der europäescher Entwécklungspolitik net op der Streck bleift.

Ech soen der Chamber merci, datt se bereet ass, dësen Accord ze ratifizéieren. Ech hoffen, datt et eis geléngt, mat eise modeste Moyenen an duerch déi Moyenen, déi mer hunn, am Dialog mat deenen aneren eenzel Revendicatiounen virunzebréngen an dozou bäidroen ze kënnen, datt et net déi Coquille vide bleift, déi Eenzelner redoutéieren. Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4860 a mir stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert dëse Gesetzesprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Jos Scheuer);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4880, een Ofkommen iwwert de Schutz vun de Fliedermais. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Schank, Scheuer, Helminger, Gira an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Meisch.

3. Projet de loi 4880 portant approbation de l'Amendement à l'Accord relatif à la conservation des chauves-souris en Europe du 4 décembre 1991, adopté à la troisième réunion des Parties à Bristol du 24 au 26 juillet 2000

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Claude Meisch (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mat dësem Projet de loi gëtt den Amendement zum Accord vu London vun 1991 ratifizéiert, dee bekanntlech handelt iwwert de Schutz vun de Fliedermais an Europa.

Weltwäit ginn et bal 1.000, mä ganz genee 957 verschidden Aarte vu Fliedermais. An Europa, allerdéngs, sinn et der nëmmen nach 30, déi doheem sinn, woubäi hei zu Lëtzebuerg, an deem kleng Lëtzebuerg, ëmmerhin 19 Aarte gezielt ginn. Mir mierken also, datt grad hei an Europa net den heemeschen Terrain ass vun de Fliedermais. Dat huet haaptsächlech domat ze dinn, datt am Laf vun deene leschte 50 Joer de Wunnraum ganz knapp ginn ass fir déi Déieren. Et huet op där anerer Säit domat ze dinn, datt hir Nahrungsgrondlag, an zwar sinn dat haaptsächlech Insekten, vill méi rare gi sinn, eben duerch den Asaz vu Pestiziden, sou datt d'Populatioun vun de Fliedermais däitlech ofgeholl huet a gläichzäiteg d'Zuel vun de verschiddenen Aarten, déi present sinn haut an Europa, däitlech erofgaangen ass.